N°3649
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3649 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gilles Baum**

1. **Sinn dem Ministere scho konkret Detailer zu den Unterrechtspläng bekannt, déi dës nei Formatioune betreffen?**
2. **Ass den Här Minister bereet, dës nei Formatiounen an de Curriculum vum LTA opzehuelen?**
3. **Huet den Här Minister schonn Austausch mat der Direktioun vum LTA gehat, fir dës Thematik ze diskutéieren an d'schoulesch Offer an deem Sënn méi attraktiv ze gestalten?**
4. **Wa jo, wat waren d'Schlussfollgerunge vun dëse Gespréicher, a vu wéini u kéinten dës nei Ausbildungsméiglechkeeten ugebuede ginn?**

An der Äntwert aus dem Joer 2020 ob e Bréif vun der Landwirtschaftskummer wou no dëse Formatioune gefrot ginn ass, goufe follgend Punkten ervirgehuewen:

- zum enge baséiert d'Aféierung vun neie Formatiounen am Prinzip ob enger Analyse vum Aarbechtsmaart dëst och mat Bléck ob déi néideg Ausbildungsplazen ;
- zum anere gëtt drop higewisen, datt de System vun der Beruffsausbildung zu Lëtzebuerg ob engem pyramidale Opbau baséiert wou d'Kandidaten no engem ofgeschlossenen Diplom e weideren Diplom ob deem Niveau uewendriwwer kënne maachen. An dësem Fall wier dat en Technikerdiplom no engem DAP am grénge Beräich. Och Technikerdiplomer kënnen ënner Léiervertrag organiséiert ginn.

Wei an der Äntwert ob de Bréif ugedeit, goufen et dono eng Partie Entrevuë zum Sujet vu Vertrieder vum Service de la formation professionnelle vum Educatiounsministère mat Vertrieder vum Lycée technique agricole. Hei goufen divers Propositiounen gemät (differenzéiert DAP-Formatiounen, Aféieren vun enger Technikerformatioun, Upskilling duerch Weiderbildung, asw. ) ouni datt dovunner eng als zefriddestellend zeréckbehalen konnt ginn.

Esoubal eng Propos, déi den uewe genannte Critèren Rechnung dréit, virläit, wäert déi kënnen am Groupe de pilotage vun der Beruffsausbildung, esou wei d'ofgeännerte Gesetz vun 2008 iwwer d'Beruffsausbildung dat virgesäit, diskutéiert ginn.

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH